Letzebuerg, den 7. September 1980

Léiw Elteren,

Dir Damen an Dir Hëren,

Komerodinnen a Frenn,

Virun engem Joer hun ech op dëser Platz gesot; dass nom Erfolleg vun de égene Löschten vun den Edf bei de Châmberwahlen vum 10 juni 1979, mir der neier Regierungséquip hir Chancen missten zougestoen. Mir missten ofwarden, fir kënnen festzestellen op d'Formuléierung vum Text an der Regirungserklärung iwert d'Erbeiféierung vun enger définitiver Léisung vun den Edf problemer och éierlech an oprichteg gemaach wär. An, mir missten virsichteg sin, oppassen an virun allem nët nolossen an onsen Bedingungen. Esou hun och am Lâf vun de vergangene Méint an der Châmber är Vertrieder bei alle passenden Gelégenhéten un déi Léisungen erennert an spéziell den 21. Mä ass duerch eng Motioun déi d'Ennerschréften Junkern Berchem, Majerus, Pescator a Weirich dréit, d'Regirung opgefuerdert gin nach am Lâf vun 1980 eng Léisung fir d'Problemer vun de Victimes du Nazisme an besonnesch déi vun de Edf ze bréngen.

Wéi dir och all wesst, sin am Lâf vun de vergangene Méint Verhandlungen vun onser Fédératioun mat der Régirung gefouert gin an déi elo zum éischten konkrete Resultate gefouert hun, esou wei de den Här Staatsminister e Freiden an senger Pressekonferenz, an virdrun onsen Délégéierten aus dem Komité matgedélt huet.

Wat sin nun d'Virschléi vun der Regirung:?

Ech erenneren drun, dass fir ons Edf 2 Hapt-problemer ze léisen sin, déi allenzwé hir gleiche Wichtegkét hun an zwar:

1. d'Ofschafung vun der leschter Diskriminatioun am DdgG vun 1950 mat hire Konséquenzen an

2. d'Vereinfachkét an méi gerecht Konditiounen fir eng fréizeiteg Pensionéierung ze erméiglechen.

Zum 1. Problem huet d'Regirung och en Freiden den Text vun hirer Propositioun de loi iwerrécht. Heizou huet de Fédératiouns-Komité an senger Setzung vum Freidenowend wei follegt Stellung bezun: Dëse Projet ass zwar textlech nët dat wat mir ons firgestallt hun, mä et ass awer och kén Kompromiss an onse Fuerderungen. Au contraire: dëse Projet gét an engem gewesse Senn méi weit wéi ons Virstellungen waren an dém en nët nemmen DdgG vun 1950 ännert, mä och d'Gesetz vun 1967. Ech erenneren och hei drun, dass am Gesetz vum 25 Februar 1967, dat eng Rei Mossnahmen zu Gonschten vun den Affer vum Naziokupant virgeseit, d'Edf, am Titel 3 vum DdgG, dat héscht wat d'Kieperschied betréfft, mat allen anneren Victimen gleichgesat huet, mä ons déi moralesch Gleichstellung am Titel 2, nët zouerkannt huet. Dest, gët elo kompléteiert, esou wéi mir dat virun 1967 gefouerdert hun an d'DdgG vum 25 Februar 1950 gëtt ebenfalls geännert an dém en Artikel 36 bis

g

beigefügt gët. Dir wesst alleguer, dass d'Fuerderung vun onser Fédératioun déi war, dass den artikel 36 dén eng opzielung vun den victimes patriotiques mecht, misst kompletéiert gin duerch d'Beifügung vun den Zwangsrekrutéierten. Nu geseit awer dësen Artikel 36 ~~bis~~ fir, dass den Béneficiaire den Noweis vun sengen Akte patriotique individuell muss brengen. Dat hei ass jo awer nun nët méiglech fir all énzelnen Edf. Fir dest ze emgoen, kann de Virschlag vum Här Staatsminister acceptéiert gin: ~~an~~ en artikel 36 bis beizefügen, den an senger Formulierung genau dat selvescht sét wat den artikel 36.

E weideren Avantage vun dëser, e bessen komplizéierter an fleit nët ganz ortodoxer Prozedur ass dén, dass d'Anzéiung an den RAD och elo ganz kloer ~~elo~~ dozou gehéiert an no den Aussichten vun de Regirungsvertrieder de KAD kann beigerechent gin.

Aus dëse Grenn mengt den Zentralkomité dëse Projet kënnen ze acceptéieren. Fir awer d'Gewesshét ze hun dass och ons Memberschaft heimadden d'accord ass rufe mir fir e Samschden den 27 September eng Assemblée Extraordinaire an an déer ~~och~~ Délégéiert kënnen hir Stellung bezéien.

Dëse Projet geseit an kuerzen Wieder ja weider fir:
Dass jidderén innerhalb 6 méint natierlech eng demande maache muss.
D'Errechnung vun der Differenz vum Lounausfall esou wéi en nom artikel 42 un d'Edf ausbezuelt gouw an elo duerch é gleiche Forfait fir jidderén pro Mount wou e fort war, ~~gaschët~~ geschitt durch e règlement Grandducal woueriwer och schon Verhandlungen lafen. D'Ausbezuelung geschitt iwer Rekonstruktiouns bongen dénen hir Aléisungsmodalitéiten an d'Zensen ebenfalls duerch en règlement Granddducal festgeluecht gin.

Wann also ons délégéiert den 27 September hiren accord zu dësem Projet de loi kënne gin, huet d'Regirung versprach en direkt op den Instanzewé ze bréngen an d'Chamber kann dann gleich no ~~dn~~ de Budgetdébatten hire Segen dozou gin.

Domadde hät dann, wat dëse Punkt betrëfft, dës Regirung hirt Engagement no der Regirungserklärung gehalen an endlech no 30Joer langem Streiden, ~~hätt~~ e bedauerlecht Kapitel an der Geschicht vun der Zwangsrekrutéierung hiren Ofschloss fond.

Wat nun ons 2. Haptfuerderung betrëfft, dat héscht eng Verbesserung vun de Konditiounen fir eng freizeiteg Pensionéierung ouni Ausfall, sin ~~leider~~ d'Informatiounen déi ech kann gin leider nët esou glécklech.

D'Virstellungen vun onser Fédératioun an dëser Fro sin an der proposition de loi vum Jean Gremling konkrétiséiert. Dës Propositioun ~~Projet~~ geseit vir dass all Victime du Nazisme op seng demande hin kann fréizeiteg an Pensioun goen. Dës Propositioun ~~lauter~~ weigert d'Regirung sech, no hirer Matdélung vun e Freiden

ze réaliséieren. Dém géintiwer ass sie awer berét Verbesserungen an d'Gesetz vun 1974 iwert den Zouschoss bei fréizeiteger Pensionéierung durch Invaliditéit ze brengen.

Wat an dësem Gesetz sech als onglécklech erwisen huet, ass d'Conditioun dass é mindestens 6 Méint fort war. Dest war besonnesch ongerecht vis-à-vis vun de Médercher déi nët just 6 Méint am RAD waren. D'Regirung geseit das Ongerechtegkét an an ass berét, emmer no den Informatiounen vum leschten Freiden, dest 6 Méint op 2 erofzesetzen. Wann och dës Ännerung e wésentleche Fortschrett ging duerstellen, ass den Zentral-Komité awer nët iwerzécht op nët dach nach dén én oder anneren Fall bestoen kann bleiven an ech giv heimadden den Appel un all ons Memberen ~~gin~~ richten, onverzüglech ons matzedélen op esou e Fall vun manner wéi 2 Méint Verschléfung an freizeiteger Invaliditéit firläit.

Wat nun d'Conditiounen fir d'Feststellung vun der Invaliditéit betrëfft an déi jo no déne verschidene Pensiounsregimer ännert, a bei AIV 66 2/3 sin, déklaréiert d'Regirung och hei eng Verbesserung ze sichen. Konkret Virschlei konnten onsen Délégéierten allerdings nët gemacht gin an virunallem och nët trotz hirem Drängen, en Délai iwert esou eng Propositioun ze kreien. Nu schingt ons awer just dëse Problem vun der freizäiteger Pensionéierung den virdränglechste ze sin a mir sin erstaunt dass d'Regirung mengt eng Leisung op freiwelleger Basis nët kennen erbei ze féieren. Wann é bedengt dass mir engerseits, d'Leit déi nach gäre ~~giefen~~ schaffen, forcéieren dh dohém ze bleiwen, ech denken do un dat éischt Tripartitsgesetz an der Schwéierindustrie, op der annerer Seit Naziaffer forcéiert gin sech weider op d'Arbecht ze schléfen, nemmen well den Dokter vun ~~sengem~~ Pensiounsregime sech nët iwerzéche konnt, dass ~~seng~~ Gesondhét schlecht genug ass fir kennen opzehale mat schaffen, da froen ech mech wou do d'Gerechtegkét leit.

~~Engerseits~~ steigert d'Algemenghét Milliounen bei fir Noutstandsarbechten ze machen an ~~finanzieli~~ zesumme mat den Betrieber Arbechtslosenennerstetzung och u Leit déi nemmen just d'Flemm hun fir ze schaffen, anerseits déklaréier d'Regirung nët déi néidesch Fongen ze hun fir nach e puer Honnert Naziaffer fréizeiteg aus dem Arbechtsprozess ze entlossen an esou frei Plaazen ze schaafen fir jong Leit déi ~~eng~~ Arbecht sichen. Et gët behapt wann ~~mei~~ "Aler", leider zielt ons Generatioun zu den Alen" aus verschidde Verwaltunge hire Hut gingen huelen an dohém bleiwen, déi néidesch Arbecht nët méi gemacht giv gin, ma dann froen ech, wéi kënnen déi méi Jonk noréckelen an hir Verantwortung iwerhuelen, wann déi Aal keng Platz machen.

Dir gesitt also dass hei eppes nët stëmmt! Un onse Vertrieder an Délégéiert ass et fir sech anzesetzen an eng gerecht Léisung ze fannen. Aus dëse Grenn ass et d'Absicht vum Zentral-Komité an der Assemblée

Extraordinaire déi e Samschden den 27 September zu Hesper am Centre Civique um 4 Auer stattfennt an zu déer ech elo schon är Délégéiert alueden, vun dësen Délégéiert festléen ze lossen wat an dëser ganzer Problématik ze geschéien huet. Hei sinn dann och d'Richtlinien ze bestëmmen, wéi a wat an dénen nächste Méint ze ennerhuelen ass fir zu ouse Rechter ze kommen. Bis dohinner hofft den Zentralkomité och méi konkrét Virstellungen vun der Regirung ze hun.

Léiw Elteren,
Dir Damen an Dir Hären,
Komerodinnen an Komeroden,

Dir gesitt dass onst Streiden an Asatz nët emsoss war an ass. Nach si mir nët endgülteg un all onsen Zielen ukomm an mir brauchen nach d'Solidaritéit vun all onsen Memberen an Sympatisanten fir och déi lescht Hendernesse ze iwerwannen an déné wéinegen déi wellen an nët kennen ophalen mat schaffen zu hirem Recht ze hellefen. Den ZK ziellt op iech an Zukunft wéi och an der Vergangenhét. Mir brauchen d'Ennerstëtzung vun jidderengem esou wéi d'Présenz vun jidderengem haut hei wichteg war an ass. Dofir soen ech iech, ~~haut~~ wéi dir hei versammelt sitt, merci fir är Présenz: merci am num vun den Elteren, den Kranken an den Mutiléierten, déi ~~all~~ hei nët kënnen debei sin.

A schlussendlech wëll ech nët verfehlen vun deser Plaaz aus och de Merci vun den Edf un all hir Frënn an Bekannten auszespriechen, dei sech d'Méi gin hun haut derbäi ze sin, ~~fir~~ an ons op dës manéier ~~ons~~ hier Sympathien op en Neitz ze beweisen. E Merci dann awer selbstverständlech och onser Press, dem Radio an der Televisioun, wéi och allen Instanzen, déi ons hëllefen des Feier schéin a wierdeg ze organiséieren. Dat ass d'Harmonie Lampertsbierg; ~~der~~ d'Polizei, ~~déi~~ fir hir Beméiungen onse Kortège duerch de Verkéier ze bréngen; Directioun vun de lëtzebuergieschen Eisebunen, fir d'Erlabnis dëse Meeting op hirem Territoire ofzehalen ze därfen, an doduerch villen Komeroden an Frenn ~~eng grouss~~ d' Meiglechkét gin huet, nët de ganze Wé vun der Hollerecher Gare bis op de Kanounenhiwel missen zu Fouss ze goen.

Ech soen e speziellen an wärmsten Merci all dénen politesch Engagéierten déi durch hir Participatioun un onsem Kortège sech offiziell zu onsem Belängen bekennen. Ze entschëllegen hun ech, fir sein Fehlen un dëser Journée, onsen Komerod Jean Gremling dén duerch en Openthalt am Ausland verhennert ass, mä op dén mir all kënnen zielen. Fir d'eischte Kéier kann den Här Paul Simonis Prësident vun der Eltereverénegung aus gesondhétleche Grenn nët bei ons sinn an hien sech dofir entschellegt. Ech soen awer och all déné Merci déi elo um Kanounenhiwel ons hir Sympathien beweisen an virunallem duerch hir Présenz do, dénen hirt Affe éieren déi hirt Liewen fir ~~de Krich~~ d'Hémecht gin hun.

Nët vergiess an onsem merci ~~hummer~~ awer och den Kannerchoer Fonkebutzen vun Hesper déi d'Mass um 5 Auer an der Herz-Jesu Kirch duerch ~~hire~~ sei Gesang verschéineren~~, wéi och dem Komerod Jempi Kemmer dén als Ofschloss op der Uergel den Requiem vir en Edf spillt.~~

Léiw Elteren,
Dir Damen an dir Hären

V

Komerodinnen an Komeroden,

Ons Generatioun huet zesummen mat villen gudden Lëtzebuerger am leschte Krig e séier heige Blutzoll, esouwuel Doudeger, wéi Invaliden an Kranken bruecht. Nët emmer sin mer richteg verstane gin, eng Belounung hun mer nie verlangt. Mä, fir Gerechtegkét géiniwer dénen déi nët méi hei sin, hire Familjen an fir ons selver, dofir waren an sinn mir berét ze streiden. Mir wellen dass den Affer dén Lëtzebuerger fir Lëtzebuerger bruecht hun nët emsos war an mir sinn dofir dass déi Solidaritéit déi am Krich ennert de Lëtzebuerger war och se weider bestoe soll. Dat ass de d'Vermiechnis vun onsen Doudegen déi mir haut éieren an dat ass och de wirklechen an déiven Sënn vun der Journée Commémorative Nationale des Edf.